ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Januar 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Ëmweltminister weiderzeleeden.

Nodeems ech schon zwou Froen iwwer de Schëtter Marjal gestallt hunn an d'Madame Buergermeeschter vun der Stad sech ëffentlech kategoresch op d'Bebauung vun deem Gebidd behaapt, wollt ech nach dës Froe beäntwert hunn:

1. Gouf d'SUP vu Schëtter Marjal am September 2013 finaliséiert?
2. Wa jo, wéi ass et méiglech, datt den deemolegen Ëmweltminister schonn am Mee/Juni 2013 säin definitiven Avis zur SUP vu Schëtter Marjal gëtt, ouni datt déi deen Ament iwwerhaapt ofgeschloss war?
3. Firwat gëtt sech an der SUP op den däitschen an net de lëtzebuergesche Schutzstatus beruff, dee kengeswees fir all Aarten a béide Länner identesch ass?
4. Wat sinn d'Qualitéitscritèrë vum verantwortleche Bureau d'études an no wéi enger wëssenschaftlecher Methodologie gouf geschafft? Op wéi eng Manéier goufen z. B. d'Fliedermaisaarten nogewisen?
5. Iwwer wéi en Zäitraum ass d'ecologesch Etude um Site gemaach ginn? Sinn dobäi saisonal Variatiounen berücksichtegt ginn?
6. Firwat geet néierens rieds vun de Vullen um Site?
7. Wéi kann et sinn, datt bei der Sich no geschützten Aarten eng ganz Parti einfach "iwwersinn" goufen, wéi d'Schlingnatter, déi am Summer 2016 offiziell konnt nogewise ginn?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten